



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7578 vum 9. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel an vum honorabelen Deputéierten Här Jean-Marie Halsdorf.

Wéi vill verschidden Antibiotiquen a Form vun Sirop fir d'Kanner sinn am Moment zu Lëtzebuerg disponibel?

Am Moment sinn 6 Antibiotika a Form vun Sirop fir Kanner zu Lëtzebuerg disponibel.

Am Fall, wou nëmmen nach eng ganz begrenzten Zuel un Präparater fir Kanner um Marché ass, wat sinn d'Ursaachen vun därer reduzierter Disponibilitéit?

D'pharmazeutesch Firmen plangen pro Joer d'Quantitéiten un Wirkstoffer déi produzéiert ginn, un Hand vun den Verbrauchszuelen vun den Joeren virdrun. An deenen leschten dräi Joer waren d'Statistiken iwwer den Verbrauch vun Antibiotika an der Gesellschaft relativ déif sou dat den Besoin un Antibiotika fir d'ëscht Joer och relativ déif vun den Firmen ageschat ginn ass an deem Sënn och manner produzéiert ginn ass. Duerch déi iwwerdurchschnëttlech vill Infekter déi séit Uganks vum Joer allerdéngs an der Gesellschaft zirkuléieren (Bronchioliten, Covid-19, Influenza Gripp etc.) ass d'Demande an d'Konsommation vun Medikamenter an Antibiotika, generell eropgaangen ass sou datt déi disponibel Stocken punktuell d'Besoin'en net ëmmer hunn kéinten ofdecken.

Geet déi begrenzten Zuel un Antibiotiquen duer, fir d'Versuerung vun de Kanner ofzesécheren?

Verschidden Mesuren sinn geholl ginn, respektiv ugekënnegt ginn sou datt een dovunner ausgoe kann dat d'Versuerung vun den Kanner mat Antibiotika gesécher ass.

D'Gesondheetsdirektioun huet d'Dokteren iwwer déi ugespaanten Disponibilitéiten vun Antibiotika informéiert an si dozou opgeruff en rationellen Gebrauch vun Antibiotika bei Verschreibungen ze privilegiéieren. Et gëtt an engems dovunner ofgeroden den Patienten präventiv Antibiotika ze verschreiwen fir z'évitéieren datt d'Leit sech doheem e Stock un Antibiotika zesummestellen. Mir verweisen an deem Kontext och op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 7248 vum 28. November 2022.

Et sief och dorop higewisen dat déi pharmazeutesch Grossisten eng équitabel Verdeelung vun den verfügbaren Quantitéiten un Antibiotika un d'Apdikten probéieren virzehuelen sou dass all Apdikt all Antibiotika an normalen Quantitéiten op Stock misst hunn.

D'pharmazeutesch Firmen hunn iwwerdeems nei Liwwerungen vun Antibiotika un d'Grossisten europawäit ugekënnegt.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2023
D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert